



Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch op d'parlamentaresch Fro n°7903 vum 20 Abrëll 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen

1. Kann de Generalist och erëm seng Aarbecht an engem Centre médical ophuelen?

2. Wa jo, wäert dofir gesuergt ginn, dass zäitgläich nach een aner Dokter oder eng aner Dokteschpresent ass, fir dass d'Patienten net gezwonge sinn sech vum verurteelte Generalist behandeln ze loossen?

3. Kann d'Ministesch Afloss dorop huelen, wien an engem Centre médical Déngscht huet? Wien kasoss Afloss dorop huelen?

Well dat zäitweilegt Beruffsverbuet géint den concernéierten Dokter méttlerweil opgehuewen ass, huet den Betraffenen rëm d'Autorisatioun fir zu Lëtzebuerg d'Medezin z'exercéieren an déi domat och verbonnen Pflichten ze respektéieren. Laut Artikel 6 (3) vum ofgeännerten Gesetz vum 29. Abrëll 1983 iwwer Medeziner, Zënmedeziner an Veterinärmedeziner muss all Dokter, deen zu Lëtzebuerg eng Autorisatioun huet d'Allgemengmedezin z'exercéieren, beim sougenannten Service de remplacement matmaachen. Zu dëser Pflicht ginn et keng gesetzlech Ausnamen.

An der Maison médicale zu Ettelbréck sinn 2 Dokteren déi Garde maachen. Sie couvréieren d'Consultatiounen an der Maison médicale an d'Hausbesich.

Lëtzebuerg, den 5. Juni 2023

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette Lenert